

1958 - 1968

D'Billerbuch vun den Petits Chanteurs de Diekirch

Grüss Lèdd schreibe Chroniken vu grüsse Vereiner.
Grüss Vereiner sen och 70, 80 an 100 Jâr âl.
Mir sen è Verein vu Klèngen.
Mir sen och ericht 10 Jâr âl.
Watt an dènen 10 Jâr bei eis lass wâr, erziéle mir èch
a Stöchwîrder, Versen a Biller.

An den 10 Jâr hâten d'Petits Chanteurs

2000 PROUWEN

Woch fir Woch um Dill
f'gin dèr Prouwe vill
Emol kûm den Alt gesprong
dann huet den Sopran gesong
Mèndes war och eppes lass :
Prouw vum Tenor a vum Bass
Samstes alles matenèn
A gefèlt huet sèlen èn

En huet an all Prouw geschwèsst
Hei gesid dir, wat e lèsst
Et sèt jid'rèn, den e kennt :
Oh, dèn ârmen Dirigent !



An den 10 Jâr hâten d'Petits Chanteurs

200 OPTROTT

Waren d'Prouwe gudd geroden
Gouf och èn Dag opgetrueden
Fir è Concert, fir èng Mass
Oemmer röm war eppes lass
Emol an dem weisse Klèd,
da stung d'Uniform berèt
Op all Concert war et sche'n
f'gûf gesong mat Himmels-te'n
Mais da war et heiandsdo
och e bösselche me' schrô
Hei sin d'Tre'ne bâl gefloss
Do gûf röm è Bock geschoss
Hei gûf èn Départ rate'ert
Do huet èng falsch No't geste'ert
Hei è Bass knûrt a sei Bârt,
Den Tenor singt vill ze hârt

Huet den Dirigent gelidden,
waren d'Leid dach mèst zefridden
Oemmer war et fir d'gudd Sâch
Oemmer hu si Frèd gemâch
All de' frösch a wâkrig Jongen
de' sech an èrt Hiêrz gesongen.




An den 10 Jâr hun d'Petits Chanteurs zrêckgeluegt

15 000 KM FAHRTEN

Hei am Ländchen ganz elèng
War kè Concerts-sall ze klèng *)
Duefir hu mir ugefång
Sin an d'Ausland sänge gâng
Well an eisen Nopeschlänner
Sötze vleicht de' richtig Kenner
Mat dem Bus, der Eisebunn
d'Kilomètre si geflunn
A suguer, f'war eppes Neis,
mat dem Flieger op Pareis

Wann è rèst, da gött gesongen
Frèdig Lidder sin erklongen.
Op der Hèmrès gött gejaut
Eisen Nick **) fért aus der Haut
3 f, f'gûng fortissimo :
Kalinka, Meli-Melo
Nès dohèm, no dem Gerènns
sôt all Mensch : Et war immèns.

*) Dât hèscht, datt de Sall bâl ömmer ze grouss war an datt nach vill Lèdd
eis hätte könne lauschtere kommen. Wènt dem Reim muss èn sech so ausdrècken.
**) De Chauffeur vun de Petits Chanteurs .



An den 10 Jâr hâten d'Petits Chanteurs è Repertoire vun

300 LIDDER (KIRCHLICH A WELTLICH)

10 VE'ERSTÖMMIG MASSEN

Wann è séngt, da brauch è Lidder
fir all Goût, fir all Gemidder
f'gin der jo op döser Welt
den'n nôt all Lidd gudd gefällt
we' «Si tous les gars du monde»
dobei nach «Après d'ma blonde»
Jo, aus eisem Répertoire
allerhand ze he're war :
Lidder aus der Renaissance,
Lidder aus der douce France,
d'Lidd vu göster, d'Lidd vun haut,
d'Lidd vu Breitjesman a Braut,
d'Lidd vun Eescht an d'Lidd vu Spaass,
d'Lidd vun enger stöller Gaass *)
d'Lidd vu «Puppet on the string»
d'Arler Knippchen, dingdering.
Mais me' schwe'er prouwen ass,
so' eng ve'erstömmig Mass
Dèr hu mir der 10 gehât
an hu lîng doru geknât

Sou hu mir eist Best gemâch
Nei Programmer Jâr fir Jâr
Alles kléngt, op lîcht, op schwe'er
dach zu eiser Hergott E'er I

*) Gemèngt ass dât sche'nt Oveslidd vum Jos. Kinzé : Nu loss et an dir stöll gin.



An den 10 Jâr hâten d'Petits Chanteurs

350 000 FR RAKRITT

350 000 FR AUSGINN

Et klappt è Männchen un èr Dir
a stellt sech èch bescheide vir
als Champion vun der Fecterei
Hién ass nôt blift, hién ass nôt schei
Hién dréckt èch ènzock ganz galant
eng E'renmemberskârt an d'Hand
mat sche'nen Oennerschröffen drop.
— An dir mâcht de Portmonni op.

Mais an dèr Hinsicht gött kè Stôt
vun de Petits Chanteurs geplôt.
An dach hun si vill Gönner fond
an hir Finanze si gesond.
A gi mir och vill Sue weg,
de Comité greiff a s e n g Täsch,
an ass an eiser Caisse è Lach,
da listt d'Gemèng eis nôt am Stach.
An dofir wölle mir nôt klôn
an alle Frönn hei merci sôn.




An den 10 Jâr hun d'Petits Chanteurs me' wi

200 DICKRIGER JONGE FORME'ERT

Hu mir è Jong sou weit forme'ert
Gesank an Uerdnong hé gele'ert
Da fèngt seng Stömm ze brèchen un
an d'Sangen ass fir hié gedun.
Mais âner triéden a sèng Reih
an all Jâr ass de Chouer nei
Sou komme mir nôt un èn Enn
Vill Jonge gi sou dûrch eis Hänn
An eise Chouer gött ni âl
Vum Jonktem könnt sein Ideâl.

Mir se jo fir eis Kanner do
a scheien och kèng Me' a Plo
fir hinne gudde Frönd ze sin
an hinnen eppes matzegin
wou si hîrt Liéwe lang drun ziéren
a wat en hölleff, sech ze wiéren
gènt all dât battert, mönschlecht Lèd,
dât hinne spe'der èmol drèt.

Sou ze'e mir si grued a richt
mat golde Fiédem rop an d'Licht.



An den 10 Jâr hun d'Petits Chanteurs bei sech opgeholl

8 AUSLÄNNISCH CHORALEN

a Bekanntschaft gemâch mat


CHORALEN AUS 4 KONTINENTEN

Kommt dir aus Frankreich, Belgie, Preisen,
Mir wöllen èch eis Fröndschaft weisen
Well wa mir dun all Grenze fâlen
als Jonge fest zesummenhâlen,
a weisen, watt eis d'Fröndschaft göllt,
da gött è sche'nen Drâm erföllt.

Mir konnten si bei eis begre'ssen
a fest Kontakte mat e schle'ssen
de' beste Che'er weit a brèt
hun eis mat hîrer Konst erfrèt
A mir se bei si hannischt gâng
a go'fe grad sou gudd empfâng.

Me' grouss gûf de Bekanntekrès
op eiser grousser Fliegerrès :
Aus E'streich, Japan, Canada
an aus dem deischtren Afrika
Op gél, op schwarz, op rout, op weiss,
mir ware bei en zu Pareis.
Eng grouss Familjen ass d'ganz Wêlt,
wann èn esou zesummenhâlt.

Sou könne mir da Brécke schlôn
a baue mat op d'Welt vu mâren,
a können iw'rall hanischt gôn,
(aparti, wou mir nach nôt waren).



An den 10 Jâr hun d'Petits Chanteurs opzeweisen

1958-66 E PALMARÈS A COUPEN,
VUN DENEN ÈN NÖT ME' ZE SCHWÈTZE BRAUCHT
1967-68 D'ENREGISTREMENT VUN 2 DISQUEN

Mir wöllen nôt vu Coupe schwètzen
an eis mat eisem Succès brètzen
a rouhn op eise Loorbeer aus
nèn, do könnt neischt Gescheites raus.
Sou hu mir môl èng Coupe gewonnen,
mais âner sin domat verschwonnen.
(T'geseit èn do, watt alles lass ass
an èngem Krimi vum Hèr Wallace) *)

Mir hun eis du un d'Disque gin
an de' vum Sange vill verstin,
de' sôn, si wäre gudd geroden
an t'krît èn eppes hei gebueden,
wat fir t'ganz Liéwen fort erklèngt
an dausendmol nei Frède brèngt
dem Mann an och der Fra nôt manner
a spe'der eise Kanneskanner.
(A wöllt èn si mol nôt me' he'ren,
da kann èn nach domat jingle'ren).

Sou wölle mir da viruplengen
a schaffe watt eis leit à coeur
zu Gottes E'er e'wig sungen
als Dickricher Petits Chanteur !

*) an an der U. G. D. A. (Wolz 62).

